PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 20/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Mam aktuelle Covid-Gesetz kommen op d'Gesellschaft eng Hellewull u Reegelen zou, déi an de verschiddene Liewenssituatiounen ze respektéiere sinn. An deene meeschte Fäll gëllt den 2G oder den 2G plus. Bei der Arméi schéngt een allerdéngs scho méi wäit ze sinn, an nëmmen nach op den 1G ze setzen. Kandidate ginn ab dem 1te Januar 2022 nëmmen an d'Arméi incorporéiert, wann se ee vollstännegen Impfzyklus virweise kënnen. Persounen, déi net geimpft sinn, ginn deemno vollstänneg aus der Arméi ausgeschloss.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Verdeedegungsminister dës Prozedur bestätegen?
2. Mussen all Zaldoten ab dem 1te Januar komplett geimpft sinn?
3. Op wéi enger legaler Basis fousst dës Entscheedung?
4. Wat ass mat deene Persounen, déi den Impfzyklus nach net ganz ofgeschloss hunn?
5. Wäert dës Mossnahm och an aanere Minsitèen agefouert ginn? Falls jo, a wéi engen?
6. Wat geschitt mat genesene Kandidaten, déi sech fir den Datum vun der Inkorporatioun guer net kënnen impfe loossen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député